

Mgr. Leo Wagener  
Weibëschof

## **Priedegt Héichfest Hl. Willibrord Iechternach 13.11.2022**

---

Léif Frënn,

Ech stelle mir de Willibrord vir, wéi hien am Alter vu 70 Joer beim Käerzeliicht mat engem Tëntegriffel d'Héichpunkten vu sengem Liewen un de lénke Bord vu sengem Festkalenner opschreift.

Hien mécht also eng Relecture vu sengem Liewen a Wierken als Missionar a Bëschof.

An da schreift hien - quasi wéi eng Konklusioun vu sengem Nodenken - **in Dei nomine feliciter** - Am Numm vum Herrgott, glécklech virun! Oder Glécklech, am Numm vum Herrgott.

Wien esou e Saz schreift ass en zefriddene Mënsch, e couragéierten, e frouen, e vertrauensvollen, een deen trotz sengem fir déi deemoleg Zäit ganz héijen Alter, no vir kuckt an deen déif verbonnen ass mat sengem Herrgott.

Do liicht eppes Extraes vu him op: eppes, wat dermatt ze dinn huet, datt hien bis haut net vergiess ass. Eppes, wat erkläert, firwat no sengem Dout mat 81 Joer ganz séier vill Menschen bei säi Graf komm sinn an hien ëm seng Fürbitte ugeruff hunn.

Esou e Saz schreift e Mensch, dee frou ass mat dem Herrgott, een, deen den Äifer fir d'Evangelium trotz haarde Qui a Réckschléi net verluer huet.

Mech impressionéiert dëse positiven Elan vum Willibrord ëmsou méi, well mir aus sénger Biografie wëssen, datt hien a seng Komeroden nach laang net ëmmer mat Succès verwinnt waren. Den Apostel vun de Friesen hat et grad bei hinne ganz schwéier a seng Missiounsrees bei d'Dänen war en eenzege Fiasko.

An awer seet heen: in dei nomine feliciter.

Grad **dat** mécht aus him en Hellegen, vun deem mir äis haut kënnen inspiréiere loossen. Well wa mir éierlech sinn, da musse mir dach soen:

Hätte mir eppes méi vun dësem ënnere Feier, vun dësem Gottvertrauen, vun dësem Äifer vum Hellege Willibrord!

Hand op d'Häerz! Mir sinn dach éischer Schlappentouristen um Wee vun der Evangeliséierung, wéi behäerzt a frou Marcheuren.

Mir hunn äis als Chrëschten an eis Comfortzon zréckgezunn an dee klengsten Effort schéngt äis schonn zevill ze sinn. Et kinnt een heiansdo den Androck hunn, wéi wann den Uewen aus wir.

Firwat ass hien da beim Willibrord ubliwwen a wat kënne mir vun him fir eist Chrëschtsinn haut léieren?

Ech wëll dräi Punkten opgräifen... dat ass och fir lech ganz praktesch, da wësst dir ongeféier, wéini meng Priedegt op en Enn kënnt...

**Deen éischen:**

De Willibrord huet sech vun anere Missionaren, dodurch ënnerscheid, datt hien System a seng Missiounstätégkeet rabruecht huet. Hien huet net an d'Blannt eragewierkt. Hien war organiséiert an huet organiséiert, net wéinst der Léift um Plangen, mee well hien seng Kräften net wollt onnéideg verzettelen. Heen war een Ëmdenker an e Neidenker. Wann eng Missiounsmethod net gang ass, huet hien e neien an aneren Ulaf geholl.

Mir müssen äis haut an eise Poren anescht opstellen, wéi dat viru Joren de Fall war. Mir sinn mat de neien Poren réischt um Ufank an mir wäerten net derlaanscht kommen ëmmer nei Adaptatiounen virzehuelen, déi sech un déi nei gesellschaftlech a kierchlech Realitéit upassen. Mir sinn opgefuedert nei ze denken, wann al Weeër op e Stack lafen.

Mir kommen aus enger Zäit, wou Relioun am Duerf grëffbereet war. Mir sinn elo an enger Zait, wou d'Feier an d'Verdéiwung vum Glawen Déplacementer verlaangt. An deem Punkt si mir dem Willibrord ganz no.

Aus Leidenschaft fir den Herrgott musse mir amstand sinn, och e Kilometer zu fueren fir an eng Mass ze kommen.

Aus Léift zu eise Kanner an aus Léift zum Evangelium musse mir bereet sinn e Kilometer mat hinnen ze fueren fir an eng Kateches ze kommen.

Wann eis eppes um Fortbestand vum kierchleche Liewe läit, dierfe mir Verännerungen net bekämpfen, net zermaulen oder virun hinne kapituléieren. Mir hunn äis hinnen ze stellen an no vir kucken.

Mir brauchen Männer a Fraen, Geeschtlech a Laien, déi sech e nei pastorale Ruck ginn; däer, déi sech eng gutt Scheif um Courage an um Asaz vum Willibrord ofschneiden. Et ass eescht, ze eescht fir immobil ze bleiwen.

De Willibrord haut richteg veréieren heescht vun him léieren, sech de Realitéite vum Terräin ze stellen, Beschwéierlech an och Onkamoutes op sech ze huelen, fir datt d'Evangelium eng Chance huet.

Wa mir et aus Léift maachen, da gi mir doduerch net granzeg a rabbelkappeg, mee mir stinn mat zwee Féiss an der Freed vum Evangelium.

## **Den 2. Punkt:**

De Willibrord ass mat enger ganzer Häerd vu Pateren aus Irland bei äis komm an hien huet och seng Missionaren net als Einzelgänger op de Wee geschéckt. De Willibrord huet schon am Team geschafft, ir mir d'Wuert kannt hunn.

Am Grupp ass ee méi staark wéi alleng, zemol wann d'Aufgab schwéier ass. Dat ass och nach wouer, wann d'Team net an alle Punkten ëmmer harmonéiert.

Wat mir Chrëschten ëmmer méi zu enger Minoritéit ginn, wat eist Zesummegehéiregkeetsgefill méi grouss gi muss.

Mir brauche Gruppe vu Chrëschten, déi sech géigesäiteg ënnerstëtzen a kierchlecht Liewen op mannst plazeweis um Liewen halen.

Ech wees, datt dat net evident ass well mir kréien déi Gruppen net méi zesumme gestallt reng mat Leit aus eisem eegenen Duerf. Mir müssen eis och op ganz nei Leit aloossen, déi mir net kennen, mee déi eng gemeinsam Suerg fir d'Evangelium hunn.

Et gött awer keng Alternativ zu de Gruppen. Mir brauche Gruppen rondrëm d'Bibel, rondrëm Froe vum Liewen, rondrëm d'Kateches, rondrëm d'Diakonie, rondrëm d'Bewarung vun der Schöpfung, rondrëm den Erhalt vun eise Kierchen, rondrëm d'Massendénger, de Gesank an d'Jugend... asw.

D'Service-Kierch, an däer mir de Leit flächendeckend all méiglech Servicer ugebueden hunn zerbréckelt rapid. Mir brauchen elo Chrëschten, déi selwer bereet sinn e Service fir anerer ze iwwerhuelen an zwar an engem Grupp mat aneren.

Mir kucken dobäi fir d'éischt op déi gemeinsam Daf a net op e Schouldiplom. Mir gleewen drunn, datt esou en Déngscht, - wa mir hien richteg upaken - net iwwerfuedert mee Freed maache kann. Op verschiddene Plazen, wou et richteg schlecht ëm d'Katechees ausgesinn huet, maache mir esou hoffnungsvoll Erfarungen.

Nëmmen onverbesserlech Hinterwäldler verpuffen hir Kräften nach an Ausenanersetzungen iwwert eng progressiv oder eng konservativ Ausriichtung vun der Kierch, d'Willibrord-Chrëschten strëppen hir Ärm rop a brénge sech an, fir datt d'Evangelium keen doudege Bustaf bleift.

Dat wäisst Duch vun de Sprénger op der Sprangprëssioun illustréiert dat ganz gutt. D'Chrëschtentum leeft dervun, datt een deem aner eng Hand reecht. Nëmmen esou kënnt ee virun.

Léif Schwestern a Bridder,

D'Evangelium vun haut zielt all déi Schwieregkeeten, Geforen a Widerstänn op, deenen dem Jesus seng Frënn ausgesat sinn: mee et ass trotzdem vun enger immenser Hoffnung gedro: "Et gëtt eech keen Hoer gekrëmmt".

Dat heescht jo: Et gëtt eng Kraaft, déi Widderstänn iwwerwënnt. Si kënnt vum Herrgott selwer. Dat ass och d'Hoffnung, déi de Willibrord beséilt huet: in dei nomine feliciter.

### **3. Punkt:**

De Willibrord ass net ausgebrannt well hien fir sech a seng Missioun erkannt hat, datt een Réckzuchsräim brauch.

Hien huet sech selwer a seng Mönchen op lechternach zrëckgezunn fir sech ze ressourcéieren.

D'Aktioun leeft sech dout, wa si net vun der Contemplatioun gedro ass.

Mir hunn als Chrëschten nëmmen eng Chance wa mir ais ënnerlech ressourcéieren.

Wa mir ophalen ze bieden, wa mir keng Regelméissegkeet an der Feier vun der Mass a vun de Sakramenter hunn, wa mir keng Zäite vu Stëllt aushalen da brenne mir aus, da gi mir äis op d'Nerven, féieren kleng Kricher géinteneen a weisen de Leit e schrecklecht onattraktivt Gesiicht vu Kierch.

Mir maachen héchstwarscheinlech nach vill ze vill Aktiounen a besonnesch ëmmer déi selwecht Leit maachen warscheinlech vill ze vill.

Besser mir maache manner, awer dofir mat Freed a mat Leidenschaft, a mat Otem.

De Willibrord hat deen Equiliber a sengem Liewe fond. Wat fir ee Gléck!

Léif Frënn,

Mir hunn eng grouss Chance fir dierfen op de Willibrord ze kucken an hien huet d'Chance fir dierfen op Iech ze kucken.

Well duerch seng Leidenschaft fir de Jesus, sidd och Dir Frënn vum Jesus ginn.

An 10, 100, 1000 Joer wäerten et aner Jesusfrënn ginn, déi Chrëschte gi sinn duerch Är Leidenschaft fir de Jesus a säin Evangelium.

Merci datt et lech gött. Zesumme mat dem Willibrord soe mir: in Dei nomine feliciter. Amen.